# Info - Blat

No 37
Dezember 2023

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu
CCPL LU65 1111 0233 3353 0000


## Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Alt nees geet e Joer ob en Enn. Och dëst Joer ass et zu enge ganz Partie Changementer am LPEM komm. Hei e klengen Iwwerbléck ob Erneierungen vun der Schoul, e Réckbléck ob Aktivitéiten vun der Amicale an en Ausbléck ob Geplangtes fir d'Joer 2024.

---

### 13. Juli 2023 Remise des Certificats am Tramsschapp um Lampertsbierg.

Mat der Presenz vum Educatiounsminister Meisch, dem Här Thill, Direkter vum Lycée Privé Emile Metz, an dem Här Wantz, Direkter adjoint sinn di jeeweileg Diplomer un d'Schüler vun den Ofschlossklassen iwwerreecht ginn.

An dësem Kader huet d'Amicale dëst Joer, e Präis un zwee « Élève Méritant » iwwerreecht.









---

**30. September 2023 Visitt vum Gaasperecher Waassertuerm an der Distillerie Muller-Lemmer zu Contern**

20 Memberen hate sech fir des Visitt ugemellt.


De Waassertuerm ass 68,54m héich, Waasserbehälter 1000m3, 413m Edelstohlwaasserleitungen.

Op deenen verschiddene Stäck wéi: Schieberkammer Wasserkreislauf, Stationen, Wasserverbrauch, si mir iwwert de Wee vum Waasser aus der Quell bis an d'Haus informéiert ginn. Den Ofschloss war um Dach vum Turm mat enger fantastescher Vue.









Distillerie

Mam Bus gouf et eng Visitt vun de Plantagë wou z.B. Kiischtebeem, Äppelbeem, Äerdbier, Geméis, Potiron, Gromperen, Kabes a.s.w. stinn.
Duerno d'Fro : Wéi gëtt Branntewäi gemaach? Hei hu mir detailléiert Informatioune kritt. No der Visitt Degustatioun vu verschidden Drëppen. Ah jo, déi hu gutt geschmaacht. Als Ofschloss gouf et am Restaurant vun der Brennerei, Ham, gebootschte Gromperen, Zalot, Taart an en Digestif.

Am Resumé : 2 grondverschidde Visitte bei deenen ee konnt vill bäiléieren.



---

**28. September 2023 Aweiung vum Site Lycée Privé Emile Metz zu Déifferdeng.**

Ënnert de ville Gäscht war selbstverständlech den Här Direkter Pascal Thill, Madamm Véronique Schaber Presidentin vum Conseil d'Administration Lycée Technique Privé Emile Metz an den Unterrechtsminister Här Claude Meisch.

De neie Standuert ass direkt niewent der Villa Hadir a vis a vis vun de Gravity Towers ze fannen. Dat modulart Gebai besteet aus 8 modern Klassesäll an deene momentan 58 Schüler enseignéiert ginn. Devise "Exelsior " zielt och fir dëse Site. Den Unterrecht ass an englescher Sproch an ass e wichtege Schrëtt an der Nofro no enger engleschsproocheger Beruffsausbildung. Och net engleschsproocheg Schüler sinn hei wëllkomm. D'Enseignantë stinn och hei,esou wéi zu Dummeldeng, dem Schüler och ausserhalb dem Unterrecht fir Hëllef bereet.






Lycée Privé
Emile Metz



**16.11.2023 Awéiung vum Jugendtreff (dem aalen Openthaltsraum)**

Nodeems de Keller vum A Gebai den Iwwerschwemmungen am Juli 2021 zum Affer gefall ass, war den Openthaltsraum länger Zäit net zougänglech.

Iwwer 2 Joer mi spéit, no ville Stonnen Aarbecht konnt déi Platz nees opgemaach ginn.

Bei enger feierlecher Aweiung konnten d'Leit déi néi Raimlechkeeten entdecken.

De Jugendtreff ass all Dag vu Moies 7 bis Owes 16.30 Auer ob an et ass eng permanente Surveillance garantéiert. Net nëmmen de Kicker, dee vun der Amicale gestëft gouf, mee och en Darts Spill an di vill Sëtzgeleeënheeten komme super bei de Schüler un!

En 1t. LPEM Kickerturnéier konnt och schonn organiséiert a gespillt ginn.








**08.02.2024 Generalversammlung:**

Den Datum fir d'Generalversammlung ass ob den **08.02.2024** geluecht ginn. Eng Invitatioun mat den Detailer gëtt mat Zäite verschéckt.

**Mir wënschen Iech an ärer Famill schéi Feierdeeg an e glécklecht neit Joer**